N°4257
Entrée le 18.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.06.2026

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2026

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **drénged** parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister vun der Gesondheet an der sozialer Sécherheet weiderzeleeden.

De Generaldirekter vun den Hôpitaux Robert Schuman um Kierchbierg huet den 17. Juni 26 souwuel bei RTL, wéi och bei reporter.lu ugekënnegt, datt säi Spidol plangt, an engem Gebai op der Cloche d'Or, deem säi Réibau elo scho steet, e groussen Zentrum fir ambulant Chirurgie opzemaachen.

Laut virgenannte Medien, soll awer bis elo weder eng offiziell Demande a scho guer keng Autorisatioun virleeien. Trotzdeem mengt de Generaldirekter, datt de Staat 80 % an d'CNS 20 % vun den Infrastrukturkäschten wäert iwwerhuelen.

Ronn 8 000 (!) ambulant Operatiounen sollen an de Beräicher Aen-, Hand-, kleng Bauch- an Artikulatiounschirurgie realiséiert ginn. Dobäi kommen eng Poliklinik an eng Abteilung Kinesitherapie.

De Käschtepunkt soll bei iwwer 100 Milliounen Euro leien.

Dëse Projet werft eng Rei vu Froen op, déi ech der Madamm Minister wëll stellen:

- Ass de Ministère vun der Gesondheet an der sozialer Sécherheet um courant vun dësem "projet d'envergure"?
- Ass vum Kierchbierger Spidol eng offiziell Demande agereecht ginn?
- Ass et richteg, datt d'Spidol keng Autorisatioun fir dëse Projet huet?
- Wat ass de Statut vun där geplangter Infrastruktur?
- Ass et eng nei Antenn?
- Ass et eng nei Dagesklinik?
- Wéi situéiert sech de Projet vis-à-vis vun deem rezent agereechte Projet de loi 8760 iwwer ambulant Zentren, déi vun Dokteschassociatiounen a -gesellschaften geschaf kënne ginn?
- Wann, wéi et ausgesäit, de Projet ënnert d'Spidolsgesetz fält, wat sinn déi nächst Etappen an der Geneemegungsprozedur?

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

- Huet d'Santé genee Informatiounen iwwer d'Aktivitéiten, déi hei geplangt sinn?
- Ass et net bedenklech, onofhängeg vun der Berechtegung vun neien ambulanten Strukturen, datt hei versicht gëtt, e "fait accompli" ze schafen?
- Wéi steet et bei dësem Projet ëm d'Bedeelegung vu privaten Investisseuren?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu